



Léif CSV-Fraktioun,

säit Joren erklären d'Vertrieder vu sämtleche politesche Parteien eis, dass eis Fuerderunge vollkommee berechtegt sinn. D'politesch Realitéit gesäit säit Joren leider awer komplett anescht aus. D'ACEN hält déi nächst Regierung awer elo endgültig an d'Flicht an erwaart, dass déi diskriminéierend Aarbechtskonditioune prioritär ugepasst ginn.

Et ass elo un der Zäit, dass d'Politik Léisunge liwwert. Eis Membere wäerte keng weider Joren de Schoulbetrib um Lafen hale mat iwwerdimensionéierten Tâchen a politesch akzeptéierter Ausbeutung. Et gëtt keng logesch Begrënnungen fir dës Ausbeutung.

Leider goufe bei de Koalitioungesprécher erëm just déi grouss Gewerkschafte gelauschtert. Leider gëtt et déi grouss Ongerechtegkeeten an eise Schoule just, well net mat de Betreffene geschwat gouf. D'ACEN erwaart vun der neier Regierung eng séier Léisung, mir kucken net méi no, wéi eis Memberen psychesch a kierperlech an de Burnout gedriwwen ginn.

Ewéi och den AEE/CGFP gefuedert huet, muss déi Zweeklassesgesellschaft beim Staat elo ophalen. D'ACEN verlaangt dës emsou méi am Enseignement, wou d'Diskrepanz tëscht Fonctionnaire an Employé bis an de Beräich vun der Ausbeutung an Diskriminatioun geet.

### **Fonctionnarisatioun als grouse „Kaddo“**

D'Fonctionnarisatioun ass an der aktueller Form net akzeptabel. Dës diskriminatoresch Prozedur muss dringend geännert ginn. Et gëtt kloer vergiess, datt et sech hei just ëm eng Ännerung vum Statut handelt an net ëm d'Erléiere vun engem Beruff.

D'Fonctionnarisatioun bréngt kee Changement vun der Funktioun beim Staat. Eis Membere bleiwen Enseignanten! An dat sinn si bei der Fonctionnarisatioun scho mindestens 15 Joer! Dofir ass déi gesamt Prozedur esou net akzeptabel, baséiert awer – alt erëm – op der Reform vun der Fonction Publique vun 2015, géint déi d'ACEN bekanntlech manifestéiert huet.

D'ACEN kann dës Form vu Fonctionnarisatioun net novollzéien an ass och enttäuscht, dass no ville Gespréicher an och ville Warnungen am Fréisummer 2022 de Ministère och am zweete Versuch verpasst huet eng fair a propper Léisung ze fannen. Eng Valorisatioun vun den Déngschtjoren muss am Méttelpunkt stoen, an net eng Prozedur, déi d'Leit deels humiliéiert.

### **Gläich Aarbecht = gläich Aarbechtskonditioune !**

Virun allem ass eng theoretesch méiglech Fonctionnarisatioun awer ëmmer nach kee Recht dorobber d'Employéen an de Schoulen weider auszebeuten! Vill Kolleeginnen a Kolleeg kënnen dës Examen eben net maachen.



Association des chargés de l'enseignement national a.s.b.l.

Dat heescht dann awer net, dass d'Employéén an eise Schoulen net trotzdeem e Recht hunn uerdentlech behandelt ze ginn! **Gläich Aarbecht heescht gläich Aarbechtskonditiounen.** Dat seet d'europäescht Gesetz, an dat gëtt soss och am Staatsdénsgscht esou praktizéiert, just – emol erëm (!) – net an eise Schoulen.

D'ACEN huet alle politeschen Verrieder déi schockéierend Rechnung gemaach. E Chargé am Secondaire huet duerch déi feelend Altersdechargen a Coeffizienten um Enn vu senger Karriär **iwwert 8 Schouljoren (!) méi u Coursë gehalen** ewéi de Fonctionnaire. Dat sinn also 8 Joer gratis schaffen! An och an der Erwuessenebildung an an der Grondschoul mussen d'Chargéén ouni korrekt Altersdechargen etlech Stonne méi schaffen ewéi de Fonctionnaire.

Iwwerall soss beim Staat wier et e Skandal, wann den Employé misst 25% méi Zäit am Büro schaffen ewéi de Fonctionnaire! D'Employéë mussen am Enseignement awer ouni logesch Begrënnung iwwert 1/4 méi Coursen halen ewéi d'Fonctionnairen,

D'Chargéén hunn de selwechte Studium ewéi de Fonctionnaire, ginn de Staat awer natierlech duerch déi onbegrennt héich Tâche vill méi bëlleg.

D'ACEN hält dës nei Regierung awer elo an d'Flicht a mir erwaarden, dass elo Léisungen ugebuede ginn! An dës Léisunge musse mat an de Koalitiounsvertrag fléissen. Och am Enseignement muss sech endlech un europäesch a lëtzebuergesch Rechter gehale ginn!

De Comité vun der ACEN